N° 8326
Entrée le 25.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Gemeinsam Äntwert vum Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, an dem Minister fir Energie, Claude Turmes, , op d'parlamentaresch Fro n°8326 vum 19. September 2023 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert "D'Importer vun russeschem Petrol"**

1. **Kann d'Regierung ausschléissen oder bestätegen, dass och Lëtzebuerg nach ëmmer russesche Pëtrol importéiert oder indirekt notzt an deemno nach ëmmer russesche Pëtrol am Tank vu Lëtzebuerger Autoe lant?**

Lëtzebuerg importéiert just Pëtrolsprodukter aus der Belsch, Frankräich, Däitschland an Holland. Deementspriechend kann ausgeschloss ginn dat op engem direkte Wee russesche Pëtrol op Lëtzebuerg importéiert gëtt.

Indirekt Importer op Lëtzebuerg,–wann de russesche Réiueleg an engem net EU Land raffinéiert gëtt an dann als Endprodukt nees an d'EU importéiert gëtt, kënnen awer net ausgeschloss ginn. Dës Importer sinn laut den EU-Texter net verbueden, well dat raffinéiert Endprodukt net vun russescher Origine ass.

2. **Wéi eng Moossnahmen sinn op europäeschem Niveau geplangt, fir d'Sanktionen géint Russland konkret ëmzesetzen, soudass een d'EU tatsächlech komplett vu russeschem Pëtrol ofschott?**

De Fokus vum 11. Sanktiounspaquet, deen den 23. Juni 2023 ugeholl gouf, ass op de Kampf géint d'Ëmgoen vun EU-Sanktiounen ausgeluecht an huet de Sanktiounsrégime allgemeng weider ausgebaut; sou ass och zum Beispill an den Sanktiounstexter festgehal, dass Däitschland an Polen ab deem Datum keen russeschen Pëtrol méi iwwer "pipelines" importéieren dierfen.

3. **Ginn et op EU-Niveau Iwwerleeungen, fir Handelspartnerlänner, wéi Indien, déi russesche Pëtrol un d'EU weiderverkafen, ze sanktionéieren? Wéi steet déi lëtzebuergesch Regierung zu esou Proposen?**

D'EU Sanktiounen applizéiren sech op EU Territoire. Dës Sanktiounen gesinn vir, dass et verbueden ass iwwert d'Mier russeschen Pëtrol an d'EU z'importéiren, wann en aus Russland kënnt oder aus Russland exportéiert ginn ass. D'Lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt eng effikass Ëmsetzung vun de Sanktiounen.

Lëtzebuerg, den 25. Oktober 2023

Den Aussen- an Europaminister

(s.) Jean Asselborn